ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°4058

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ee groussen Deel vum Léierpersonal beklot, datt de Leeschtungsniveau an eise Schoule biergof geet. Dat huet mat Sécherheet vill Ursaachen, mee eng vun den Ursaachen ass ouni Zweiwel, datt verschidden Übungs- a Prüfungsmethoden, déi fréier souwuel an de Primärschoule wéi och an de Lycéeë praktizéiert goufen, fale gelooss goufen. An de Sproochen ass d'Situatioun besonnesch kritesch. D'Kanner verloossen de Lycée oft, ouni déi dräi Friemsproochen Däitsch, Franséisch an Englesch richteg ze beherrschen. Wierderkontrollen a Lückentexter hu méi grondleegend Übungsmethoden, déi sech iwwer vill Joerzéngte bewährt hunn, ersat. Dat einfacht Übe vu Rechtschreiwung, wéi et fréier praktizéiert gouf (z.B. Diktater, Auswennegléieren an Aufsätz), ass duerch manner „contraignant" Übungsformen ofgeléist ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Ass d'Schreiwe vun Diktater an eise Schoulen nach virgesinn, a wann nee, aus wéi enge pedagogesche Grënn ass dës Decisioun geholl ginn?
2. Wéi steet de Minister zur Übungsmethod Auswennegléieren? Ass et nach virgesinn, d'Schüler sproochlech Inhalter (z.B. Gedichter) auswenneg léieren ze loossen?
3. Ass de klasseschen Erlebnisaufsatz nach present an eise Scholuen? Wa jo, a wéi enger Form? Wann nee: Firwat ass dës Übungsform ofgeschaaft ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4058 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

D'Schreiwe vun Diktater ass ëmmer nach virgesinn an eise Schoulen.

**Ad 2)**

D'Schüler an d'Schülerinne kréien och weiderhin nach sproochlech Inhalter auswenneg ze léieren.

**Ad 3)**

Den Erlebnisaufsatz a senger klassescher Form a Varianten (Billergeschicht, Weidererzielungen, etc.) ass weiderhi present an eise Schoulen. En ass esouguer Bestanddeel vun den Épreuves communes am Cycle 4.2 am Kader vun der Orientatioun an den Enseignement secondaire.